



dat heescht, dass ee sech militäresch net kann de-fouléieren, an d'Tierkei ass domadder viséiert. An et war scho bemierkenswäert, dass den amerika-neschene Ausseminister bei senger leschter Reu-nioun, mee awer och de Fransous a meng Wéi-negkeet, mat e puer aneren ongeschminkt gesot hunn, dass och all NATO-Memberland sech un dee Code of conduct muss halen, wann en eng Kéier besteet, an eeben eis westlech Opfaassung vun der Demokratie respektéieren.

Ech wëll dem François Bausch d'Wuert net, d'Zäit elo net hei stiel. Duerfir, mir schwätzen de 7. Dezember zu Bréissel iwwert d'Autonomie straté-gique vun Europa, bei den Ausseministere. Ech kommen en Dëschdeg an d'Chamberskommis-sioun - de President huet mech geruff - an do kënne mer iwwert d'NATO a mir kënne iwwert dat dote schwätzen, selbstverständlech.

Fir ofzeschléissen, fir beim Thema Defense ze bleiwen: Ech menge schonn - aus menger Siicht, an de François Bausch wäert dat och confirméieren -, dass et schonn ee politesche Wëlle gëtt, dass mer zesummen un enger europäescher Verdeedegung schaffen. An d'Iddi vun enger europäescher Arméi ass, wéi mer alleguerten wëssen, an Dir hutt dat jo gesot, absolutt net nei, dat mécht sech net vun haut op muer. A woufir mer eis aktiv och asetzen, dat sinn eng Rei vun Initiativen am Kader vun der Euro-päescher Unioun, déi d'Zesummeschaffe vun eisen nationalen Arméie stäerken. Ech mengen, dat ass méiglech, ouni vun deem grouse Wuert „euro-päesch Arméi“ ze schwätzen.

Voilà, ech halen op, François, soss hues du keng Zäit méi.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Här Ausseminister Jean Asselborn. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo den Här Verdeedegungs-minister François Bausch.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Jo. Merci, och dem Här Graas, fir déi Froen, déi sécher-lech aktuell sinn. Am Kader vun der europäescher Defensepolitik ginn et zwee wichteg Datumen, déi ee sech muss am Kapp halen.

Dat eent ass 2009. 2009 ass am Fong deem éischte Schratt vun enger europäescher Defensepolitik ge-maach ginn, deem an de Vertrag vu Lissabon, d'Politi-que de sécurité et de défense commune, de sou-genannte PSDC, festgeschriwwen ginn ass.

An den zweeten Datum, dat ass 2017, well 2017 ass déi sougenannte PESCO geschafe ginn. Dat ass am Fong déi „Coopération structurée perma-nente“, bei där awer nëmme 25 EU-Länner matmaa-chen, also Dänemark a Malta maachen do net mat.

A virun allem: D'PESCO, firwat dat menger Meenung no eng Weiderentwécklung a Richtung vun enger europäescher, gemeinsamer Verdeedegungspolitik ass, dat ass, well do natierlech virun allem mat deenen 20 Objektiv, déi do festgehale gi sinn, driwwer diskutéiert ginn ass: Wéi kënne mer Kräfte bündelen? Wéi kënne mer haaptsächlech am capa-citäre Beräich kucken, eis Energie zesummenze-bréngen, fir datt mer méi effikass ginn? An dat ass och ëmmer complémentaire als eng Stärkung gesi ginn, och zum Beispill fir d'NATO.

Et si vill Diskussiounen innerhalb vun der NATO, déi lescht zwee Joren hunn ech der selwer vill matge-maach an der NATO a bei den Defenseministere, bei deene bei de Vereenegte Staaten ëmmer esou e bësse d'Géfill war, wéi wann d'PESCO e bësselchen en Ënnergruewe wär vun der NATO, et wär Konkur-renz. Dat ass awer iwwerhaupt net de Fall, et ass just de Géigendeel. Duerch de Fait, datt mer do eeben haaptsächlech am capacitäre Beräich wëllen Energië bündelen, kënne mer als Europäesch Unioun méi effikass ginn an och eisem Effort de défense, dee mer am Kader vun der NATO jo solle bréngen, méi gerecht ginn.

Et sinn natierlech vill nei Menacë bäikomm. Eng ass de Cyber-Beräich zum Beispill, wou mer eis och zu Lëtzebuerg e groussen Objektif gesat hunn, wat och an der NATO e groussen Objektif de Moment ass. Ech wäert och nach virum nächste Summer eng Kéier an d'Defensekommissioun kommen, fir eis Cyberstrategie virzustellen, bei där mer wierk-lech e gudden Projet amgaange sinn op d'Been ze stellen. An da ginn et déi sougenannte „menaces hybrides“.

A wann ech esou héieren: „Jo, kënne mer eis et iwwerhaupt erlaben, elo a Covidzäiten, iwwer méi Defense nozedenken?“, da wëll ech drop hiweisen, datt d'Risiko vun Destabiliséierung oder vu Geforen an d'Risiken, d'Gefore virun allem fir eis demokra-tesch Verhältnissen ëmmer gi sinn, ob Covidkris ass oder eng aner Kris ass. Déi hybrid Menacen, déi sinn zum Beispill am ganze leschte Joer während den amerikanesche Wale ganz staark present gewiescht. Dat ass am Fong Propaganda-Bea-flossung, fir ze versichen, d'Walen ze beaflossen - ech mengen, Dir hutt sécher genuch doriwwer ge-lies -, just, fir dat als Beispill erauszehuelen. Duerfir géing ech virdu warnen, fir ze versichen, elo eng Kris, an där mer sinn - eng gesellschaftlech Kris, wat déi sanitär ass - loosse mer soen, net ausze-

spillen, awer fir do ze soen: „Kënne mer eis et dann elo erlaben - duerch déi Kris - an der Defense och nach déi nammlechte Efforten dranzeleeën?“. Ech mengen, mir mussen dat maachen, well d'Risiko sinn an där Welt, an där mer liewen, net méi kleng ginn, wat awer net heescht, datt mer egal wat sollte maachen. An duerfir mengen ech, datt eng verdéif-ten europäesch Verdeedegungspolitik, eng koordi-néiert, och dee richtege Wee ass.

Lëtzebuerg hëlt am Kader vun deenen dote Strate-gien och u verschiddene Programmer deel, zum Beispill d'EU Training Mission, déi mer de Moment am Mali maachen. Dat ass eng dovunner, et gëtt awer och nach eng Rei aner. Zum Beispill hu mer nach e „Strategic Command and Control System“-Programm, bei deem mer mat bedeelegt sinn, an och Missions and operations of military mobility, dat ass, fir d'militäresch Mobilitéit besser ze ga-rantéieren, bei där mer och matmaachen, wat alles eeben europäesch Projete sinn, déi an deem Kontext lafen.

An duerfir ass och d'europäesch Arméi - dat ass esou e Schlagwuert, dat ass e bëssen esou wéi eng Visioun, déi ëmmer erëm ermëkënt, e Slogan, mee et ass eigentlech just e Modell, wéi de Jean Asselborn et och elo gesot huet, fir am Fong ze soen: „Mir mussen europäesch méi zesummeschaf-fen!“. An europäesch Arméi, dat heescht op kee Fall, datt mer - op jidde Fall net à court an à moyen terme - elo géinge soen: „Elo schafe mer eng rich-teg europäesch Arméi“ an deem Sënn, datt déi eng eegen Uniform hätt, eng eege Kommandozeptral an esou weider, mee dat heescht am Fong näischt aneschtens wéi datt déi eenzel europäesch Ar-méien, déi et gëtt, europäesch gebündelt ginn a ge-kuckt gëtt, dann och Synergien ze sichen, esou wéi mer et eigentlech och an der NATO maachen.

Ech mengen, Synergieë siche mer de Moment als Lëtzebuerg jo ganz vill. Mir schaffen elo ganz vill mat der Belsch am Beräich vun der Aviatioun ze-summen, mir schaffe mat den Hollänner am Be-räich vun den Dronen-Programmer zesummen, just fir déi zwee erauszestrichen. Wa mer elo a Rich-tung vum Observatiounssatellit diskutéiere wäer-ten, do wäert Der gesinn, do kommen nach aner Kooperatiounen derbäi. An et ass e bëssen dat, wat dat Ganzt soll ausmaachen, datt gekuckt gëtt, fir net méi ze soen: „Jiddwereen huet seng eegen Ar-méi“, mee datt déi eenzel Arméien, déi et ginn, an engem europäesche Kontext gebündelt ginn a bes-ser zesummeschaffen an deemspriechend méi effikass ginn.

An dat ass och am Fong näischt aneschtens ewéi dat, wat de franséische President, mengen ech - ech ginn net dovun aus, datt de franséische Pre-sident mengt, et misst een elo d'„force de frappe française“ duerch eng europäesch Arméi ersetzen, wierklech net. An d'Madamm Kramp-Karrenbauer huet am Fong op eng aner Aart a Weis och änlech Saache gesot. Ech kann lech och versécheren: An den NATO-Sëtzungen, do si meeschtens kaum Di-vergenzen tëscht der franséischer Approche an der däitscher Approche, do gëtt zimmlech eng Linn ver-tratt a mir als Lëtzebuerg, respektiv d'Benelux-Länner, si meeschtens och an deem nammlechte Camp. Wéi gesot, also déi ganz Diskussioun vun enger europäescher Arméi ass näischt anescht wéi ze kucken, datt dat, wat et an Europa u Verteide-gungspotenzial gëtt fir d'Europäesch Unioun ofze-sécheren, datt dat méiglechst optimal gebündelt gëtt, haaptsächlech am capacitäre Beräich, am Sënn vun eiser Sécherheet. An am Endeffekt heescht dat och, datt mer doduerjer manner Sue wäerten ausginn, well wa jiddwereen einfach reproduktiv déi näm-lecht Saache géing maachen an net géing kucken, wéi mer Saache gemeinsam kënne maachen an do-duerjer méi effikass sinn, da géinge mer ganz sé-cher méi Suen ausginn, wéi wa mer dat heite maa-chen, wou mer versichen ze bündelen.

Wéi gesot, also déi ganz Diskussioun vun enger eu-ro-päescher Arméi ass näischt anescht wéi ze ku-cken, datt dat, wat et an Europa u Verteidegungs-potenzial gëtt fir d'Europäesch Unioun ofzeséche-ren, datt dat méiglechst optimal gebündelt gëtt, haaptsächlech am capacitäre Beräich, am Sënn vun eiser Sécherheet. An am Endeffekt heescht dat och, datt mer doduerjer manner Sue wäerten ausginn, well wa jiddwereen einfach reproduktiv déi näm-lecht Saache géing maachen an net géing kucken, wéi mer Saache gemeinsam kënne maachen an do-duerjer méi effikass sinn, da géinge mer ganz sé-cher méi Suen ausginn, wéi wa mer dat heite maa-chen, wou mer versichen ze bündelen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Verdeedegungsminister François Bausch.

## Le saviez-vous ?

### RÉSOLUTION

La résolution est un texte, adopté par la Chambre et adressé à elle-même, par lequel elle prend une décision ou adopte une position. Chaque député a le droit de déposer des projets de résolution. Tout comme une motion, une résolution doit être adoptée à la majorité de la Chambre.

### 4. 7517 - Projet de loi portant approbation de la Convention n° 122 de l'Organisation internationale du travail sur la politique de l'emploi, signée à Genève, le 9 juillet 1964

**7518 - Projet de loi portant approbation de la Convention n° 144 de l'Organisation internationale du travail sur les consultations tripartites relatives aux normes internationales du travail, signée à Genève, le 21 juin 1976**

**7519 - Projet de loi portant approbation de la Convention n° 187 de l'Organisation internationale du travail sur le cadre promotionnel pour la sécurité et la santé au travail, signée à Genève, le 15 juin 2006**

**7521 - Projet de loi portant approbation du Proto-cole P029 - Protocole de 2014 relatif à la conven-tion sur le travail forcé, 1930, adopté par la Confé-rence générale de l'Organisation internationale du travail, fait à Genève, le 11 juin 2014**

Mir kommen dann elo zu de Projet-de-loie 7517, 7518, 7519 a 7521, véier Projeten iwwert d'Adop-tioun vun enger Rei Konventiounen an ee Protokoll vun der internationaler Aarbechtsorganisatioun, déi mer zesummen diskutéieren. Déi gemeinsam Rie-dezäit vun deene véier Projeten zesummen ass nom Modell 1 festgeluecht an ech géif direkt d'Wuert ginn un de Rapporteur vun dese véier Projet-de-loien, den honorabelen Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale**

■ **M. Claude Haagen (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Wéi de President scho gesot huet, ginn déi véier Projet-de-loien zesummen diskutéiert. Déi véier Projet-de-loien 7517, 7518, 7519 a 7521 ginn zrëck op dräi Konventiounen an ee Protokoll vun der OIT, der internationaler Aarbechtsorganisatioun, also d'Organisation internationale du travail.

Dës Organisation internationale du travail définéiert als Agence unique Tripartite vun der Uno - wéi se sech selwer nennt - international Aarbechtsnormen, dést am Konsens tëschent der Regierung, dem Pa-tronat an den Aarbechter. Dës international Aar-bechtsnorme si legal Instrumenter, déi Mindestprin-zippen a Mindestofsécherungen souwéi Rechter op der Aarbecht an domadder an der Aarbechtswelt bestëmmen. Dëst sinn entweder Konventiounen oder Protokoller, déi legal bindend Verträge sinn an déi vun de Memberstaate ratifizéiert ginn, oder nach Empfehlungen, déi dann net bindend sinn an déi awer als féierend Prinzipie solle gelten.

Bei den ënnerschiddleche Konventiounen gëtt et haaptsächlech Ënnerscheeder tëschent aacht Fun-damental- oder Haaptkonventiounen, déi sech mat Theeme beschäftegen, déi als grondleeënd Prinzip-pien a Rechter op der Aarbecht ugesi ginn. Dës Konventiounen betreffen den Travail forcé, d'Liberté syndicale, den Droit d'organisation et de négocia-tion collective, d'Gläichheet vun der Remunération, d'Ofschafe vum Travail forcé, d'Diskrimination, de Mindestalter fir schaffen ze goen an d'Kanneraar-becht. Entre autres ginn et nach véier prioritär Konventiounen an 178 verschide Konventiounen, déi méi technescher Natur sinn.

Wou ass Lëtzebuerg haut a puncto Konventiounen, Protokoller, Ratifikatiounen vis-à-vis vun der Organi-sation internationale du travail drun? Lëtzebuerg ass schonn zënter dem 16. Dezember 1920 Mem-ber vun der OIT. Mir hunn alleguerten déi aacht fun-damental Konventiounen ratifizéiert an ëmgesat. Vun deene véier prioritäre Konventiounen huet Lët-zebuerg der schonns zwou ratifizéiert: d'Konven-tioun Nummer 81 iwwert d'Aarbechtsinspektioun an der Industrie an am Commerce, dést schonn 1958, an dono, 2008 d'Konventioun Nummer 129 iwwert d'Aarbechtsinspektioun am Secteur vun der Agriculture.

Am Ganzen huet Lëtzebuerg 101 Konventiounen souwéi dräi Protokoller ratifizéiert, vun deenen der haut nach 69 international en vigueur sinn. Déi aner sinn ofgeschaaft ginn.

Mat deene véier Gesetzesprojeten, déi haut virleien, sollen dann och déi feelend zwou prioritär Konven-tiounen ugeholl ginn, fir dass se duerno kënne rati-fizéiert ginn. All dës véier Projet-de-loien, dat wëll ech betounen, hu keng Inzidenz op eist Aar-bechtsrecht, well déi schonn alleguerten am Code du Travail verankert sinn.

Nach ee Wuert zu der Prozedur vun der Ratifika-tioun, déi d'Zoustëmmung vun de Konventiounen oder de Protokoller vun der OIT mat sech bréngt. Als éischt muss de Projet de loi natierlech - souwéi an deem heite Fall - vum zoustännegen Aarbechts-minister an der Chamber deposéiert ginn. Nodeems dann de Projet de loi gestëmmt ass, kann dës Rati-fikatioun iwwert den Ausseministère un den Direk-ter vun der OIT zougestallt ginn.

Zu de véier Projet-de-loie selwer: Ech fänke mat deem éischten un. Am 7517 geet et drëm, déi priori-tär Konventioun Nummer 122 ze approvieren, déi eng aktiv Politik fir de plein emploi ënnerstëtzt a fër-

dert. Dëst soll all Memberstaat als weesentlecht Zil uwenden, fir déi ekonomesch Entwécklung ze sti-muléieren, de Liewensstandard ze erhéien a géint de Chômage ze kämpfen. Der Ratifikatioun vun dë-ser Konventioun soll näischt am Wee stoen, well dës och schonn haut an eiser Gesetzgebung virgesinn ass, ënner anere mat Aktiounen vun der ADEM, der Tripartite an dem Comité permanent du travail et de l'emploi (ndlr: CPTE). Dës Konventioun ass iwwre-gens och scho vun 113 Länner ratifizéiert ginn.

De Gesetzesprojet 7518, den zweeten an der Lëscht, soll déi aner feelend prioritär Konventioun Nummer 144 unhuelen. Et geet ëm d'Consultation tripartite fir d'Ëmsetzung vun internationalen Aar-bechtsnormen ze féieren. Dëst ass en Instrument, dat jo bei eis zu Lëtzebuerg scho laang genotzt gëtt an eng laang Traditioun huet. Haut nach suergen Institutiounen, de Konjunkturausschoss, de Wirt-schafts- a Sozialrot, de Comité tripartite, de CPTE an d'Stoltripartite, fir nëmmen dës ze nennen, fir e stännege Sozialdialog, fir e Konsens an deem Sënn ze fannen. Mir hunn d'Struktur vum Sozialdialog, dës Consultatioun zwëschent der Regierung, der Gewerkschaft an dem Patronat. Mat dësen zwee Projet-de-loie géifen esou déi zwou lescht feelend prioritär Konventiounen vun der OIT ugeholl ginn.

Da kéime mer zum drëtten Gesetzesprojet Nummer 7519 iwwert d'Konventioun Nummer 187 betreffend der Gesondheet an der Sécherheet op der Aarbecht. Dës ass schonn an der Lëtzeburger Gesetzgeeb-ung mam Gesetz vum 21. Dezember 2007 iwwert d'Reform vun der ITM an de Missiounen vum Comité permanent du travail et de l'emploi ëmgesat ginn. D'Patrone sinn domadder verflucht, d'Sécherheet an d'Gesondheet vun hire Mataarbechter ze garan-téieren.

Här President, am véierte Gesetzesprojet Nummer 7521 geet et ëm deem eenzege Protokoll an dëse Projet-de-loien, de Protokoll Nummer 29 iwwert den Travail forcé, Zwangsarbecht, dee sech direkt op déi fundamental Konventioun C29 iwwert d'Zwangsarbecht bezitt, déi Lëtzebuerg schonns 1964 ratifizéiert huet.

An dësem Protokoll geet et drëms, den interna-tionale Kader duerch nei Obligatiounen ze stäerken, fir d'Zwangsarbecht ze vermeiden, haaptsächlech d'Affer ze schützen a Kompensatiounen fir Material-a kierperlech Schied ze bidden. Dëse Protokoll fuerdert, dass d'Regierung Moosnamen hëlt, fir d'Aarbechter besser ze schützen - besonnesch d'Gaaschaarbechter, d'Trailleurs migrants -, fir géint eng diskriminéierend Astellungspolitik virze-goan, a betount d'Roll vun de Patronen an Aarbech-ter bei der Bekämpfung vum Travail forcé. Lëtze-buerg huet an deem Sënn eng Gesetzgebung vun 2009 an en nationalen Aktionsplang vun 2016 iwwer Hëllef, Schutz a Sécherheet géint de Mën-schenhandel. Mat der Ratifikatioun vun dësen dräi Konventiounen an engem Protokoll maache mer e weidere grouse Schrëtt no vir a kënne internatio-nal ganz gutt do stoen. Et sinn Elementer, wéi ge-sot, déi haut schonn an eiser nationaler Gesetzgeeb-ung agebaut sinn.

Déi véier Gesetzesprojete goufen den 28. Januar 2020 (veuillez lire: den 23. respektiv den 28. Januar 2020) deposéiert an och jee weils vun de Chambres professionnelles, der Chambre de Commerce, Chambre des Salariés, Chambre des Fonctionnaires et Employés publics a vum Staatsrot positiv avi-séiert.

Beim Gesetzesprojet 7521, also ëm de Protokoll Nummer 29, kouw nach zousätzlech en Avis vun der Commission consultative des droits de l'homme eran, déi d'Ratifikatioun vum Projet de loi begréisst, déi awer och bedauert, dass Gesetz sech op d'Oplësche vum existente Moosnamen limitéiert, ouni all gesetzlech Ännerung oder Moosnamen ze nennen, déi an dësem Beräich nach hätte kënne ge-liwwert ginn.

D'Kommissioun ënnersträicht, dass dëse Protokoll d'Memberstaaten opfuert, konkret an effektiv Moosnamen ze huelen, fir hir Efforten am Kampf géint d'Zwangsarbecht ze stäerken, inklusiv d'Traite des êtres humains, also de Mënschenhandel. De Minister huet eis awer och an der Kommissioun verséichert, dass déi zoustänneg Servicer weider géifen dorunner schaffen.

D'Chambre des Salariés weist nach an hiren Avisen dorops hin, dass nach aner Konventiounen mat der OIT kéinte ratifizéiert ginn. Déi Konventiounen mis-sen dann natierlech och eng Plus-value, e Meer-wäert hu par rapport zu eisem aktuellen Aar-bechtsrecht. Laut dem Aarbechtsminister, dat huet hien eis an der Kommissioun verséichert, wieren dat haaptsächlech d'Konventiounen Nummer 189 an 190. D'Konventioun 189 vum OIT betrëfft den Tra-vail domestique a bei der Konventioun 190 vun der OIT geet et ëm d'Gewalt an den Harcèlement op der Aarbechtsplaz. Aner Diskussiounen a Froen an der zoustänneger Chamberskommissioun waren nach iwwert déi méiglech Ratifikatioun vun der Charte sociale européenne.

Aner Diskussiounen a Froen an der zoustänneger Chamberskommissioun waren nach iwwert déi méig-





lech Ratifikatioun vun der Charte sociale européenne. Den Aarbechtsminister kann herno vläicht kuerz, nieft deene véier Projet-de-loien, och droobber agoen.

Fir weider technesch Detailer verweisen ech op meng schrëftlech Rapporten a ginn natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Rapporteur Claude Haagen. An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz age droen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Marc Spautz (CSV).** - Merci, Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, ech komme mer haut erëm wéi bei menge Wuerzele vir. Ech hat d'Chance, selwer bei enger vun deene Konventioun vum BIT (ndlr: Bureau international du travail), déi 2006 um BIT ugeholl ginn ass, als Verrieder vu Lëtzebuerg derbäi ze sinn. An dofir, muss ech soen, mécht dat mech och frou, fir haut kënnen derbäi ze sinn. Mee gläichzäiteg, an dat huet de Claude Haagen scho gesot, ass et awer eng Fro, wéi laang et dauert, bis mer Konventiounen kënnen ratifizéieren.

Lëtzebuerg huet bis elo, op Stand vum 1. Januar 2020, 101 Konventiounen ratifizéiert, déi aacht fundamental Konventiounen, zwou Gouvernancen an 91 technesch Accorden. Dat kënnt Der alles noliessen, net um Site vum Ministère du Travail, mee um Site vum Bureau international du travail vu Genève, wou alleguerten déi Daten doriwwer opgefouert ginn. An do ass et och interessant ze kucken, wéi laang et op deenen eenzelne Plazen heiansdo dauert, fir et ze ratifizéieren.

Ass dat elo gutt oder ass et schlecht? Dat sief dohigestallt. Well de Claude Haagen huet et ënnerstrach: Eis Legislatioun ass scho virun deene Konventiounen oft méi wäit gaangen, wéi dat an der Konventioun beim BIT festgehalé ginn ass.

An dat ass och normal, well de BIT fonctionéiert säit 1920 och nom Modell Tripartite. Et si Salariatsverrieder, et si Regierungsverrieder an et si Patronatsverrieder.

An do ass et esou, an dat ass kee Geheimnis, dass d'Europäer meeschtens - ech soe meeschtens! - e bësse méi wäit fort si wéi verschidden aner Länner. Mee et ass awer och wichteg, am Kader vun internationalen Accorden, déi Accorden ze ratifizéieren, well nëmme wa genuch a vill Länner et ratifizéieren, hëlleft dat och deene Länner op anere Kontinenter, ob dat um afrikanesche Kontinent ass, an dann och heiansdo, an deenen heite Matière net nëmmen heiansdo, um amerikanesche Kontinent, wat zwar soss fortschrëttlech Länner sinn, mee wann een do d'Aarbecht, den Hire-and-Fire, d'Sozialversécherung kuckt a weess, wéi do mat de Salariéë gefuert gëtt, ass dat e bëssen anescht. An dofir ass et och gutt, dass mer déi Konventiounen haut hei ratifizéieren.

Et si Konventiounen derbäi, déi ginn zrëck op 1964, iwwert d'Politique de l'emploi. Et si Konventiounen derbäi, wou déi éischte Kéier driwwer geschwat ginn ass 1930, wou awer duerno ëmmer erëm Adaptatiounen komm sinn a wou Lëtzebuerg, wéi ech scho virdru gesot hunn, awer méi wäit fort ass, wéi dat de Fall ass fir aner Länner.

Wann ech nëmmen de Protokoll kucken, deen den Här Haagen och ënnerstrach huet, iwwert d'Konventioun vum Travail forcé, deen och zrëckgeet op 1930, wou 2014 Ännerunge komm sinn. Du waren d'Mise-en-vigueuren an den europäesche Länner. Do si mir elo mat déi Lescht vun der Europäescher Unioun, wéll ech betounen! Déi sinn da schonn 2017 oder 2018 ratifizéiert ginn. Mee wann een déi Lescht awer am Detail kuckt, ass an de Länner, wou et am Wichtigste wier, dass se géife ratifizéiert ginn, dat bis elo nach net de Fall. Respektiv, et sinn der och derbäi, déi hu se ganz séier ratifizéiert, an duerno hu se d'Revolutioun ausgeruff. Fir nëmmen e Land hei ze nennen, dat ass den Niger, dat waren déi Éischt, déi se ratifizéiert hunn, mee et waren awer och déi, déi schonn zweemol e Staatsstreich hatten, e Putsch, wou driwwer diskutiert ginn ass.

Mee grad iwwert de Protokoll 029, iwwert den Travail forcé, géif ech mer erlaben, fir zwee Wuert méi ze soe wéi zu deenen anere Konventiounen, wou d'CSV selbstverständlech d'Zoustëmmung gëtt, well et ka weiderhëllefen am internationale Konkurrenzkampf, wou jiddwereen no deene selwechte Moossname fiert.

Beim Travail forcé hate mer eng Diskussioun, net nëmmen, wéi mer iwwert déi heite Konventioun geschwat hunn. Mee virun e puer Woche war de Minister zesumme mat deene Responsable vum der Gewerbeinspektioun an eiser Kommissioun, wou mer iwwert den Travail forcé geschwat hunn, wat och aus dem Rapport ervirgaangen ass vun der CCDH (ndlr: Commission consultative des droits de l'homme), wou déi drop higewisen huet, dass et och hei zu Lëtzebuerg - och wann dat fir eis hei-

andsdo bal onvirstellbar ass - Saache gëtt, déi e bëssen un den Travail forcé erënneren, vläicht net grad un d'Zoustänn vun 1930, mee wou och net ëmmer alles esou ass, ewéi et soll sinn, an dass een do méi Kontrolle misst maachen.

De Minister an d'Gewerbeinspektioun hunn eis duerno drop geäntwert, dass se alles géife maachen, fir deem och kënnen Här ze ginn. An ech mengen, dass et wichteg ass, grad doduerch, dass mer elo dee Protokoll hei ënnerschriwwen hunn, oder wäerte ratifizéieren - dat hoffen ech emol op alle Fall, an dat mat grousser Majoritéit -, dass mer och alles missten drusetzen als Parlament, och d'Regierung an d'Gewerbeinspektioun, dass mer dat hei och um Terrain beim Travail forcé kënnen ëmsetzen. Well dat gëtt et, esou krass, wéi et klängt, dat gëtt et nach ëmmer! An dat huet ee jo och elo festgestallt an deenen Debatten, déi mer elo hate während dem Covid, wou Leit, an dat ass och eng Aart Travail forcé, net ugemellt waren. Déi kënnen elo vun all deenen Hëllefen, deem Hëllepak, dee geschnüürt ginn ass, net profitéieren. An dat sinn der och, déi sech am Travail forcé erëmfannen.

Dofir ass et wichteg, de Protokoll ze ratifizéieren, awer och duerno alles an d'Weeër ze setzen, dass d'Gewerbeinspektioun déi Méiglechkeet huet oder souguer nach méi Méiglechkeete kritt. An dat selwecht gëllt och fir d'Kontroll vun der Sécurité sociale: ze kucken, dass déi Leit och verséichert sinn, dass déi Leit och déi Rechter kréien, déi hinne zoustinn. Et géif eis gutt zu Gesiicht stoen, wa mer dat géife fäerdegrëngen. Ech sinn dervun iwwerzeegt, dass de Wëllen do ass, mee et gëllt dann, niwient dem politesche Wëllen dat och an d'Tat ëmzesetzen. Dass mer dat also net nëmmen hei ratifizéieren, mee dass mer och déi Akzenter setzen, fir dass jiddwereen an uerdentlechen Aarbechtsbedéngungen an och ugemellt a mat uerdentleche Sozialversécherunge kann hei zu Lëtzebuerg schaffen.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Spautz. An nächsten geschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Pim Knaff. Här Knaff, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Pim Knaff (DP).** - Jo. Här President, ech soen dem Rapporteur Merci fir seng gutt schrëftlech a mëndlech Rapporten. Mat dëse véier Gesetzesprojeten huele mer ënnerschiddlech Konventiounen vun der internationaler Aarbechtsorganisatioun un. Och wa mam Unhuele vun dëse Konventiounen sech näischt un der Lëtzebuerger Legislatioun änneren wäert, sou ass et doch e wichtegt Signal. E Signal, dat Lëtzebuerg sech fir sécher Aarbechtsplazen asetzt, an dat fir jiddereen. An e Signal, dass mir fir e konstruktive Sozialdialog stinn, deen och Deel vum Lëtzebuerger Erfolgsmodell ass. Dat huet sech och an dëser Kris op en Neits bewisen.

D'Demokratesch Partei setzt sech och weiderhi fir eng gerecht a resilient Aarbechtspolitik an, déi de Salariéen an de Betriber gläichermoossen zeguttkennt. Heimat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dëse véier Gesetzesprojeten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Knaff. An ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Charles Margue (déi gréng).** - Merci, Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, et ass scho gesot gi vum Rapporteur a vu mengem Virriedner, dass mer iwwer véier Gesetzesprojeten hei schwätzen, véier Instrumenter vun der internationaler Organisatioun vun der Aarbecht. D'OIT, déi d'lescht Joer hiren 100. Gebuertsdag gefeiert huet, ass eng speziell international Organisatioun, a se baséiert op der Iddi vun der Tripartite a bréngt souwuel d'Regierung wéi och d'Sozialpartner, d'Gewerkschaften an d'Patronen zesummen.

Nom Éischte Weltkrich gegrënnt, baséiert dës Organisatioun op der Iddi, dass et ouni sozial Gerechtkeet kee Friden op der Welt ka ginn. En Ideal, dat nach ëmmer ganz aktuell ass, dat mer musse weider héichhalen. A wat virun allem ze oft net realiséiert gëtt, wann ech d'Analys op internationalem Plang maachen.

Dës Agence gouf 1946 an d'UNO integréiert, se schafft global Norme fir d'Aarbechtswelt aus, weltwäit, fir déi méi gerecht ze maachen, a setzt sech duerch eng Rëtsch vu Programmer och fir eng méi nohalteg Entwécklung an.

Haut ratifizéiere mer dräi Konventiounen an ee Protokoll, dat ass scho gesot ginn.

Et geet ëm d'Konventiounen 122, 144, 187 an de Protokoll P029 iwwert de Kampf géint d'Zwangs-aarbecht, dee vun 2014 datéiert. Wéi aus de Rapporten ervirgeet, ass fir déi Ëmsetzung - et ass scho gesot ginn - keng weider Gesetzesännerung néideg.

Et ass awer trotzdem e wichtege Schrëtt, fir dës dräi Konventiounen an de Protokoll haut ze ratifi-

zéieren. Et ass e Signal no bannen, fir eis an eis Matbiurger, a virun allem och no baussen, op internationalem Plang.

No bannen, well och wa mir besonnesch an den Domäne vun den dräi Konventiounen wuel zu de Länner gehéieren, wéi meng Virriedner et och scho gesot hunn, wou d'Gesetzgebung méi entwéckelt ass, esou ënnersträiche mer awer eis Ambitioun op deem Plang. No baussen, international, stärke mir mat eiser Ratifikatioun den internationale Kader en faveur vun enger méi gerechter, nohalteger Globaliséierung.

Ech wëll virun allem kuerz op d'Fro vum Kampf géint d'Zwangs-aarbecht, den Travail forcé, agoen, deen am Protokoll P029 behandelt gëtt. De Marc Spautz sot et, mir hunn déi lescht Zäit méi oft an eise Kommissiounssätzungen dovunner geschwat. Ech wëll ausdrécklech begrëssen, dass mer dat konnten thematiséieren. Et ass wuel ee vun deenen Theemen, wou et net duergeet, international ze ratifizéieren. Hei musse mer och um Terrain, bei eis doheem, hei zu Lëtzebuerg, fläisseg eis Hausaufgabe maachen. An zënter 2016 gëtt et och schonn e Plan national contre la traite des êtres humains, wou d'Aktiounen ënnert der Koordination vum Justizministerium stinn.

Hei e puer Auszich aus deem Protokoll 29, déi eis weisen, awéifern et e wichtigen Domän ass, dee mer haut de Mëtteg ofstëmmen. D'Zwangs-aarbecht gouf schonn 1930 ofgeschafft, mee hei geet et ëm en duebelt Objektiv. Et geet ëm déi loyal Konkurrenz tëschent de Betriber an et geet ëm de Schutz vun de schaffende Leit. An et gëtt drop higewisen am Protokoll, dass d'Länner, déi bäitrieden, sech bewusst sinn, dass d'Zwangs-aarbecht, ech zitieren: « possible de sanctions pénales » ass, also keng administrativ, « et de s'assurer que les sanctions imposées par la loi sont réellement efficaces et strictement appliquées ». De Rapporteur huet schonn drop higewisen.

Ech wëll hei ënnersträichen, dass eng dissuasiv Sanktioun primordial ass. Hei geet et net ëm e Kavaliersdelikt. An do, mengen ech, hu mer net déi beschte Praxis hei am Land, wéi mer dat an eise Kommissiounssätzunge beschwat hunn. Wann et net wéideet, wann een erwëscht gëtt, dann ass d'Versuchung grouss, fir weiderzemaachen. An dat ass fir de Moment hei am Land éischter de Fall, wann ech d'Rechtssprechung kucken.

Den Artikel 1 verflucht eis och, wéi gesot, effikass Moossnamen ze huelen, fir d'Zwangs-aarbecht ofzeschaffen. Effikass heescht och an der Preventioun an effikass an der Bekämpfung, wou mer jo gutt ënnerwee sinn.

Well mer an engem internationale Kontext sinn, wëll ech och drop hiweisen, dass dezent Aarbecht ee vun den Objectifs du développement durable vun der UNO vun 2015 ass. An ënner dezenter Aarbecht verstie mer: eng produktiv Aarbecht, déi korrekt bezuelt ass, eng sécher Aarbechtsplaz, sozial Ofsecherung fir d'Famill, eng Perspektiv op déi eegen Entwécklung, gewerkschaftlech Rechter, fir Revendicationen auszedrécken a sech ze organiséieren, an d'Recht op Chancëgläichheet.

D'Zwangs-aarbecht, den Travail forcé, steet oft an enkem Zesummenhang mam Mënschenhandel, en ass staark korreliert. Betraff si virun allem, wéi de Rapporteur et sot, Leit aus der Migratioun. Et sinn der oft ouni Pabeieren, quasi ëmmer an enger prekärer Situatioun an ouni weider Mëttelen, sech ze wieren. Onmächtig si se, well se hir Rechter kaum kennen, wat och dovun kënnt, dass se d'Sprooch vum Land oft net schwätzen.

Zwangs-aarbecht ass en Theema, wat mer oft verdrängen, ausser et gëtt eis duerch e Reportage an de Medien nees virun Ae gefuert. Och an eisem räiche Lëtzebuerg gëtt et Affer vu Mënschenhandel, déi zu Aarbecht gezwonge ginn. Et ass keen einfacht Theema, an et gëtt och keng einfach Lösung. D'Mënscherechtskommissioun weist eis drop hin, dass et nach eng Rei Lacunne gëtt. Beim Kampf géint d'Zwangs-aarbecht an de Mënschenhandel musse mir also och weiderhi ganz aktiv bleiwen. D'Mënscherechtskommissioun rëfft d'Regierung op, d'Kompetenz vun der ITM, vun der Gewerbeinspektioun, ze erweideren. Dofir begrëissen ech ausdrécklech den aktuelle weideren Ausbau vun der ITM hire Ressourcen, well doduerch eng méi schnell Bearbechtung vun den Dossiere méiglech ass a vill méi eng héich Zuel vu Kontrollen. Kontrollen, wou mer der ITM hir Marge de manoeuvre an hir Missioun sollen erweideren, fir d'Zwangs-aarbecht an de Mënschenhandel ze identifizéieren en tant que tel.

D'Caritas huet dëse Summer e Pabeier verëffentlecht a weist op de Bilan vum September 2020 vun der ITM hin, wou Dossieren opgemaach goufen, déi 20 Persounen ouni valabel Pabeieren an zwee Kanner ënner 16 Jor betreffen, wou déi gesetzlech Aarbechtskonditiounen net respektéiert goufen.

Domat stellt d'Caritas fest, dass Zwangs-aarbecht a Mënschenhandel eng Realitéit sinn hei am Land, an dass d'Engagementer vum Aarbechts- a vum Jus-

tizministère Resultater weisen. An anere Wieder ausgedréckt: Wa mer eis méi Mëttelen gi fir ze sichen, fanne mer och méi.

De Staatsrot an d'Salariatskummer weisen zu Recht drop hin, dass och eng Rei aner Konventiounen vun der OIT nach net zu Lëtzebuerg ratifizéiert goufen. Duerfir begrësse mir ausdrécklech d'Annonce vum Minister an der Kommissioun, dass Lëtzebuerg déi zwou sougenannte Gouvernance-Konventiounen vun der OIT, déi nach net ratifizéiert sinn, op de Leescht wëllt huelen. Doriwwer eraus sollte mir eis awer och fir déi aner Instrumenter eng Roadmap ginn, ob a wéini mer déi wëllen ëmsetzen. Grad am Kader vun der Kandidatur vu Lëtzebuerg fir den UNO-Mënscherechtsrot steet eis dat gutt zu Gesiicht.

De Minister huet awer och schonn an Aussicht gestallt, en matière Konventioun 190 iwwert de Mobbing a Konventioun 189 iwwert d'Travailleuses et travailleurs domestiques wëllen ze legiferéieren. Dat begrëssen ech ausdrécklech.

An dësem Kontext kann een awer och déi reviséiert europäesch sozial Charta ernimmen. Hei hu mir just déi ursprénglech Versioun vun 1961 ratifizéiert. Och hei sollte mer vläicht kucken, eise Retard opzehuelen an och déi aktuellsten Texter an Zousazprotokoller ze ratifizéieren.

Ech soen dem Claude Haagen als Rapporteur villmools Merci fir säin ausféierleche Bericht a ginn natierlech den Accord vun der grénger Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Här Margue, den Här Kartheiser huet nach eng Fro un lech.

■ **M. Charles Margue (déi gréng).** - Jo, Här Kartheiser.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Här Kartheiser, wannechgelift.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Merci, Här President. An och merci, Här Margue, datt Der mer déi Méiglechkeet gitt, lech eng Fro ze stellen. Ech muss lech soen, ech hunn lech ganz interesséiert nogelauschtert, mee ech verstinn eigentlech net, wéisoou déi gréng Partei dat do ka matstëmmen. Wéi Der wësst, sinn an der Demokratescher Republik Kongo 40.000 Kanner an ongesécherte Minnen, déi schaffe fir eng Kobaltproduktioun, déi Dir fir Är Elektromobilitéit staatlech subventionéiert. Dat ass eigentlech, an dat hu mer hei schonn e puermol ugeschwat, wëssentlech vun der Lëtzebuerger Regierung gedroen, och vun Ärer Partei, Kanner-aarbecht an ongesécherte Minnen a katastrophalen Émstänn an der Demokratescher Republik Kongo.

Duerfir ass meng Fro, an ech begrëssen et, datt Der lech géint Kanner-aarbecht a géint Zwangs-aarbecht zu Lëtzebuerg engagéiert, do si mer enger Meinung, mee mengt Der net, et wär eng Kontradiktioun an Ärer Positioun, wann Der dat hei zu Lëtzebuerg verdaamt an et nach subventionéiert, wann et an der Demokratescher Republik Kongo ass?

Villmools merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Kartheiser. An ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Margue.

■ **M. Charles Margue (déi gréng).** - Merci fir déi Fro, Här Kartheiser. Ech hätt mech am Fong missen drop gefaasst maachen, dass se haut erëm géif kommen, well et ass jo net fir d'Éischte Kéier, an Dir loosst keng Geleëenheet aus, eis dorop hinzeweisen.

Et ass net, well et Schwierigkeete gëtt, Inkohärenzen, Dir sot Widderspréch, ech iwwerloossen lech den Term, dass et net derwäert ass, dauerhaft a mat alle Mëttelen, déi eis zur Verfügung stinn, an hei ass haut nun emol eent dervun, ze kucken, dem Onrecht méi no ze kommen a Kräfteverhältnissen opzebauen, fir dass och am Kongo besser Aarbechtskonditiounen kënnen sinn. Kanner-aarbecht, egal wou an egal zu wéi engem Zweck se ausgefuert gëtt, ass net akzeptabel an ze verurteilen, a wa mer hei um legislativen Niveau dat kënnen maachen, sinn ech frou, dat hei domadder kënnen ze stëmmen. Wa mer dat op enger anerer Plaz och nach musse maachen, da wäert dat och do geschéien.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Margue.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, ech géif fir unzefänken dem Här Claude Haagen en häerzleche Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Bei dësen internationale Genfer Konventiounen oder Protokoller, déi schonns méi al sinn, déi eng si vun 1964, déi aner vun 1976, an dann nach zwee





vun 2006 an 2014, huet Lëtzebuerg Gott sei Dank säi Soll largement erfüllt, wat d'Ëmsetzung am Aarbechtsrecht ubelaangt, och wann déi eenzel international Konventionen nach net ratifizéiert waren. Mir brauche se jo just haut ze stëmmen.

Mir begrëissen zwar, datt et esou international Mindeststandarden oder och Aarbechtsnorme gëtt. Dat ass ze begrëissen! Mee wou ech awer dann d'Fro wëll stellen: Ginn déi dann och bei den international Handelsofkommesse mat respektéiert oder mat verankert?

Well dat wier a mengen Aen, an onsen Ae wichtig, well soss géife mer jo eng Concurrence déloyale schafen um internationalen Niveau. Et ka jo net sinn, datt déi eng sech un déi Kritik halen an déi aner net. An d'Produkt ass um Maart ëmmer mat der selwechter Konkurrenz. An ech mengen, do wier et och wichtig, datt bei internationalen Handelsofkommessen dës Protokoller géife mat verankert ginn a respektéiert ginn.

An ech géif dann d'Zoustëmmung bréngen vun der ADR an ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Engelen. Da geet d'Wuert weider un den honorabelen Här Marc Baum. Här Marc Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Baum (*déi Lénk*)**.- Merci, Här President. Ech maachen et net laang spannend. Natierlech stëmmen mer hei eppes mat, wou mir selwer als Lénk virun zwee an engem hallwe Joer an enger Motioun d'Regierung derzou opgefuerdert hunn. Deemools, de 27. Februar 2018, dat heescht, nach an der viregter Legislaturperiod, hu mer eng Motioun hei eraginn, déi notament drop ofgeziilt huet, datt d'Regierung soll d'Konventionen Nummer 122 an Nummer 144 esou séier wéi méiglech a Form vu Gesetzestexter bréngen. Duerfir wunnert Der lech natierlech net, datt mer elo frou driwwer sinn, datt dat hei geschitt ass. Den Ulass war, esou ass gesot ginn, den 100. Gebuertsdag vun der OIT.

De Rapporteur an och den Här Spautz hunn drop higewisen, datt et keng direkt Inzidenz op d'Aarbechtsrecht huet. Dat ass richtig. Mee ech mengen, mir mussen eis awer och virun Ae féieren, datt et an anere Beräicher dacks europäesch Texter sinn, déi och zu Lëtzebuerg soziale Fortschritt kënne bedeuten. An ech mengen, datt dat hei an d'Unhuelen dovunner - an duerfir hu mer och déi Motioun virun zwee an engem hallwe Joer eraginn - awer wichtig ass, well et e Signal no baussen an e Signal no bannen ass. E Signal no baussen, well et, mengen ech, drëms geet, fir der OIT an dem BIT, dee müseleg déi dote Konventionen verhandelt, esou vill wéi méiglech Poids ze ginn. A sou vill wéi méiglech Poids heescht, datt esou vill wéi méiglech Länner dat heiten ënnerschreien, dat heite ratifizéieren, fir ze verhënnern, datt et op engem globalen Niveau zu engem Nivellement vers le bas kënnt, fir ze verhënnern, datt et op normalem Niveau kann zu Sozialdumping féieren, wat souguer an enger liberaler Denkweis näischt anescht ass wéi eng delayal Konkurrenz op Käschte vun deene Leit, déi schaffen.

Ech mengen awer och, datt déi heiten dräi Konventionen an de Protokoll awer och e Signal no bannen kënne sinn, vläicht souguer musse sinn, nämlech wann ee sech den Inhalt vun deene Konventionen ukuckt.

Déi Éischt, d'122, iwwert d'Politique de l'emploi, déi setzt eis eigentlech eng Philosophie vir, nämlech d'Philosophie vun der Vollbeschäftegung, d'Philosophie vun dem Recht op Aarbecht fir jiddwereen, dee gär schafft an och de Libre choix vun der Aarbecht. An dat si Wäerter a Begrëffer, déi haut, mengen ech, och zu Lëtzebuerg nach ëmmer hir Wichtigkeet hunn an déi, zumindest als Zilsetzung, och fir eis haut zu Lëtzebuerg nach ëmmer gëlle mussen. An et ass eng Opfuerderung eigentlech un eis all, un de Gesetzgeber an awer och un d'Regierung, fir dat Zil ze erfëllen, respektiv ëm zumindest esou no wéi méiglech ze kommen.

Déi zweet Konvention ass och vun enger ganz grousser Aktualitéit. Ech wëll drun erënneren, datt mer natierlech d'Instrument vun der Tripartite zu Lëtzebuerg scho laang hunn an och eng ganz Rëtsch gutt Erfahrungen do gemaach hunn. Mee ech wëll awer drun erënneren, datt nach guer net virun esou laanger Zäit, virun der Covidkris, ee vun den Tripartite-Partner gemengt huet, e kéint op d'Tripartite verzichten an et géifen elo just nëmmen nach bilateral Diskussiounen ginn. Dee selwechte Partner huet dunn an der Covidkris awer ganz séier gemierkt, wéi wäertvoll et awer ass, wann ee sech iwwert d'Tripartite kann zesummesetzen a gemeinsam Decisiounen huelen.

Déi drëtt Konvention, Sécurité et santé au travail, ass och eng, déi mat eisem aktuelle Gesetzgebungsverfahren ze dinn huet. Et ass scho laang d'Diskussioun angaangen iwwert d'Reform vun der ITM, iwwert d'Méiglechkeeten, d'erweidert Méiglechkeeten, déi d'ITM soll kréien. Mir hu méi wéi eng Kéier an der Kommissioun driwwer geschwat, wéi wichtig et ass, datt d'ITM och méi personell

Moyene kritt, fir hiren Aufgabe kënnen nozekommen. Dat heescht, och dat ass e Sujet, deen, och wann d'Konvention zu la bese scho laang hier ass, nach ëmmer d'actualité ass.

An dat selwecht gëllt och fir de Protokoll 29 iwwert den Travail forcé. Ech mengen, et brauch een net nëmmen un déi Reportagen ze erënneren, déi mer an deene leschte Méint hu misse gesinn, fir feststellen, datt den Travail forcé och zu Lëtzebuerg nach ëmmer net ausradéiert ass, mee en ëmmer méi och vläicht zu enger Realitéit gëtt, well d'Prékariséierung och zu Lëtzebuerg an an eisen Nopeschlänner an Europa ëmmer méi grouss gëtt.

Och dat ass aktuell, well net méi spët wéi d'nächst Woch wäerte mer e Gesetz votéieren iwwert den Detachement, wat e weidert Element ass an dem Kampf géint den Travail forcé, notament, wat d'Logementskonditiounen vun deene Leit ugeet, déi op Lëtzebuerg schaffe kommen.

Nawell bleift nach vill ze maachen. An déi konsultativ Mënscherechtskommissioun huet duerfir och zu Recht op eng ganz Rëtsch Saachen higewisen, déi wichtig sinn.

Ech hu mat Interessi d'Fro vun der ADR un de Kolleeg Margue vun deene Gréngen héieren, déi op e Widdersproch, oder e presuméierte Widdersproch an der Haltung vun deene Grénge géif hindeiten. Ech muss lech awer soen, an och mam Bléck op, oder en vue vun där Diskussioun, déi mer elo uschlëssend wäerten hunn, datt et, souwäit ech weess, awer ëmmer d'ADR war, déi lénke Parteie virgehält huet, si wiere Verbuetsparteien, an déi sech massiv derfir agesat hunn, datt nëmmen esou mann ewéi méiglech Reegele sollen agehalen ginn, notament, wat international Investissementer ugeet, déi vu Lëtzebuerg an anere Länner gemaach ginn. Also, ech stelle fest, net nëmmen déi gréng liewe mat Kontradiktiounen, mee och d'ADR. Dës soll eis awer net dervun ofhalen, dat heite Gesetz unanime unzuhuelen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Baum. Leschten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (*Piraten*)**.- Merci, Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, haut stëmmen mer also iwwer eng ganz Rei vu Gesetzter of, déi op Konventionen vun der OIT, der internationaler Aarbechtsorganisatioun, baséieren.

Erlaabt mer als Éischt, dem Rapporteur Merci ze soe fir dee gudde schréfftlechen, awer och deen informative mëndleche Rapport fir direkt véier Texter.

Bei verschiddenen Texter, an dat huet de Rapporteur och ugedeit, ännert sech guer net esou vill un der jëtzegeer rechtlicher Situatioun hei zu Lëtzebuerg, wéi bei der Konvention fir d'Sécherheet an d'Gesondheet op der Aarbecht an der Konvention fir d'Promotioun vum Plein emploi, bei där all Staat, deen dës Konvention ënnerschreift, sech engagéiert, datt et eng effikass Berodungsstruktur tëscht Staat, Gewerkschaften a Patronatsvertreider soll ginn.

No dëser Konvention muss all Joer eng Tripartite organiséiert ginn, wat een nëmmen ënnerstëtze kann. Well wéi soll ee sozial Problemer léisen, wann d'Acteuren um Terrain net matenee schwätzen? Dat wär schwierig bis onméiglech.

Dofir, als kleng Klammer: Wa mer vun Tripartite schwätzen, kéint een och eng Kéier iwwerleeën, d'Konzept vun den Tripartitten op aner brennend Problemer vu Lëtzebuerg auszewäiten. Ech denken do vläicht un de Wunnengsmaat, eppes, wat d'Piraten och an der Vergaangenheet scho mol gefuerdert hunn.

Mee zréck bei de Programm, zréck bei d'Konventionen, iwwert déi mer haut ofstëmmen. Déi Konvention, déi mir am wichtigste schéngt, ass d'Konvention zum Travail forcé. Laut der OIT si 24,9 Milliounen Leit op der Welt Affer vu moderner Sklaverei. Dës Leit erwirtschafte bis zu 150 Milliarden Euro d'Joer fir hir Cheffen, oder kommt, mir sinn éierlech, hir Sklaventhalter. Oft steet dës Problem a Verbindung mat sexueller Ausbeutung vun de Betraffenen. An Europa stellt sech an dësem Zusammenhang dofir virun allem de Problem vum Mënschenhandel, meeschtens vu Fraen a Kanner, déi an der Prostitutioun oder an illegale Wuerehaiser genotzt ginn. Mat dëser Konvention sollen d'Staate sech elo verpflichten, fir méi géint déi gezwongen Aarbecht ze maachen an deene Leit, déi dervu betrafft sinn, eng Méiglechkeet ze ginn, sech ze wieren.

Dës Konvention betrëfft, wéi schonn ugedeit, haaptsächlech extreem vulnerabel Leit. Leit, déi zum Beispill keng Openthaltseneemegung hunn a sech dofir oft net trauen, sech vun offizieller Säit hëllefen ze loossen. D'Länner sollen dofir net nëmmen d'Justiz drop virbereeden, mee och en nationalen Aktionsplang ausschaffen, fir dës Aart vun Ausbeutung ze verhënnern.

Lëtzebuerg hat an dësem Kontext jo schonn Informationscampagnë lancéiert. D'Efforten, déi zu dë-

sem Theema gemaach ginn, mussen awer nach eng Kéier verstärkt ginn. Laut dem Global Slavery Index vun 2016 liewen a Lëtzebuerg ronn 0,18 % (veuillez lire: 0,02 %) vun der Bevëlkerung a moderner Sklaverei. 0,02 % klängt no net vill, klängt quasi no näischt, mee an absolutten Zuele wäeren dat 110 Mënschen (veuillez lire: 100 Mënschen). 100 eenzel Schicksaler, déi eis net dierfen egal sinn. Et ass eng erschreckend héich Zuel, déi an deene leschte véier Jore wuel leider net méi kleng ginn ass.

Fir dass dës net einfach nëmmen e juristeschen Text bleift, mee zu enger reeller Verbesserung um Terrain féiert an och virun allem eng reell Verbesserung fir déi Betraffenen, muss mat den Acteuren um Terrain zesummeschaffen ginn. Hei huet d'Kommissioun vun de Mënscherechter den Appell gemaach, dass de Rôle vun den Associatiounen misst am Text matverankert ginn. Dat gouf leider net zréckbehalen.

Och d'Riichter mussen fir dës Fall geschoult ginn. An d'Patrone mussen duerch den Aktionsplang sensibiliséiert ginn. Wann een de Leit wëllt hëllefen, déi zur Aarbecht gezwonge ginn, muss ee mat hiren éischten Usprichpartner zesummeschaffen. An dat sinn nun emol oft ONGen, déi sech fir déi Leit an hir Rechter asetzen.

Am Kontext vun der Ausbeutung vun den Aarbechter muss een awer oft net esou wäit siche goen. Net nëmme Leit ouni Pabeiere si betrafft. Net nëmme Sklavenaarbecht ass direkt betrafft. Mir Piraten gesinn och bei Interimsagencen e grouss Problem. Well Interimsagencë benotzen Aarbechter als bëlleg Kräft a ginn hinne keng Perspektiv. Dës Leit ginn zwar bezuelt, verdéngen awer nëmmen en Apel an e Stéck Brout am Verglach zu der Marge, déi op si gemaach gëtt. An oft hu se keng Méiglechkeet, fir sech géint schlecht Aarbechtskonditiounen ze wieren, well si sinn nun emol nëmmen op Ofruff beschäftegt.

Ech maachen dofir op dës Plaz nach emol den Appell, fir d'Interimsaarbecht ze begrenzen an d'Steiergesetz unzepassen, datt et soll en Nodeel ginn, wann ee sech fir esou dach awer inhuman Methoden entscheet.

Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, et ass gutt, datt Lëtzebuerg dës Konventionen ratifizéiert a mir Piraten wäerten dës Projeten och all matstëmmen. Mee mir mussen och kucken, datt no eisem Vott dës Texter tatsächlech zu enger Verbesserung vun den Aarbechtskonditiounen vun de Leit dobause féieren.

Bei all dësen Texter muss ganz kloer mat de Leit um Terrain zesummeschaffen ginn. Dës Gesetzter sollen net nëmme vun uewen erof eng Realitéit fuerderen, déi et herno einfach net gëtt. Dës muss zum Deel awer och duerch en Aktionsplang geschéien. All d'Leit hei am Land mussen informéiert ginn, wat hir Rechter sinn an u wie si sech kënne wenden, wann dës net respektéiert ginn. Fir Mënsche viru moderner Sklaverei ze schützen, brauch een nämlech e bësse méi wéi nëmmen e puer Blat Pabeier.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen (*Piraten*)**.- Ganz gutt.

■ **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, de Vizepremier an Aarbechtsminister, den Här Dan Kersch.

#### Prise de position du Gouvernement

■ **M. Dan Kersch, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire***.- Merci, Här President, fir d'Wuert. Loosst mech fir d'Éischt dem Kolleeg Claude Haagen Merci soe fir deen exzellenten an ausféierleche Rapport, deen en iwwert déi véier Projet-de-loien hei gemaach huet.

D'OIT-Norme garantéieren e Minimum u Rechter fir d'Salariéen. Dofir ass et wichtig, dass och mir als demokratesch gewieltent Parlament, esou wäit, wéi dat an eisem Aufgabeberäich steet, déi OIT-Normen och hei zu Lëtzebuerg ëmsetzen, an dat ass och scho virdrun hei gesot ginn.

Am Ganzen hu mir 101 Konventionen ratifizéiert. Och dat ass virdru gesot ginn. Vläch eng Zousatzinformatioun: Vun deenen 101 Konventionen, déi mer ratifizéiert hunn, sinn der actuelllement nach 69 en vigueur, déi aner sinn an der Tëschenzäit obsolet ginn.

E kleng Verglach och nach, wa mer dat mam Ausland e bësse vergläichen: An Däitschland sinn der 85 ratifizéiert ginn, an der Belsch 113, a Frankräich 127, an Éisträich 54, an Holland 110, a Portugal 93 (veuillez lire: a Portugal 85), an dem United Kingdom 88, an Irland 73, an Dänemark 73, an a Litauen zum Beispill 44. Just, fir eng Kéier de Verglach ze ginn.

Den Här Spautz hat et gesot: D'Radifizierung ass eng Saach. Do, wou d'Musek spillt, ass herno an deenen nationale Gesetzgebungen, déi d'ailleurs mussen konform gemaach ginn zu deene Projeten, déi mer hei ratifizéiert hunn. An do ass et an deenen allermeeschte Fäll esou, a bei deene Projeten, déi mer haut hei diskutéieren, ass et jo och schonn

esou, dass mer mat eiser Gesetzgebung am Fong deem virauslafen, wat zu Genf decidéiert gëtt.

An trotzdeem, an och dat ass hei gesot ginn, ass et extreem wichtig, dass mer et ratifizéieren, och als Zeechen, wat mer no bause setzen, an och, fir international ze weisen, dass mer hanner enger internationaler Approche stinn, wann et drëms geet, Mindeststandarden am Aarbechtsrecht ze setzen.

Fir den 100. Gebuertsdag vun der OIT hat d'Regierung decidéiert, déi zwou Conventions de gouvernance, déi nach net ratifizéiert sinn, ze ratifizéieren. Dat ass och dat, wat mer haut, ënner anerem, maachen duerch d'Adoptioun - an dovun ginn ech aus, nodeems ech d'Riedner héieren hunn - vun de Projet-de-loie 7517 a 7518. Soumat hätte mer dann 100 % vun de fundamentale Konventionen souwéi 100 % vun de Conventions de gouvernance ratifizéiert. Domat wär dann och dem Här Margue seng Fro beäntwert. An ech ginn dann dervun aus, dass, wa mer haut allegueren aus der Chamber erausgaange sinn, eist internationaalt Gesiicht dann e bësse méi schéin ass ewéi de Mëtten nach um 14.00 Auer.

Ausserdeem huet d'OIT am Kader vun hirem Centenaire d'Santé an d'Sécurité op der Aarbecht zu engem fundamentale Sujet deklaréiert. Dofir hu mer och decidéiert, dass mer d'Konvention 187 och elo esou séier wéi méiglech ratifizéieren. An och dat maache mer dann haut.

Et ass vläch ze preziséieren, dass d'Konvention Nummer 122 betreffend d'Politik vum plein Emploi duerch d'Gesetz oder duerch eng Rei vu Gesetzter hei zu Lëtzebuerg schonn ëngesat ass, se betreffen d'Reform vun der ADEM, de Comité de coordination tripartite, dee mer hunn, an natierlech och de Comité permanent de du travail et de l'emploi, wou ganz kloer och am Gesetz festgehalen ass, dass dee muss mindestens dräimol am Joer zesumme kommen.

An der Konvention 144, an och dat ass gesot ginn, geet et ëm d'Consultatioun vun der Tripartite, eng Approche, déi eis hei zu Lëtzebuerg ganz geleeft ass an déi eis scho ganz vill Déngschter gelescht huet.

D'Konvention 187, ech hat et virdru schonn erwänt, Santé et sécurité au travail, och dat gëtt mat der Reform vun der ITM - dee Projet, dee jo och nach wäert a kuerzer Zäit och hei nach eng Kéier diskutéiert ginn -, an d'Weeër geleet.

Et ass vill iwwert de Protokoll 29 diskutéiert ginn. Den Här Clement hat gesot, déi Konvention, déi him am wichtigste wär, dat wär d'Nummer 29. Ben, dat ass keng Konvention, dat ass e Protokoll zur Konvention 29, déi schonn 1930 ratifizéiert ginn ass. Mee kommt, mir halen eis net mat den Detailer op. Et geet wierklech hei ëm d'Saach! An ech si frou, dass mer nieft deenen üblechen Avisen och en Avis kritt hu vun der Mënscherechtskommissioun, déi zu Recht drop hiweist, dass och hei zu Lëtzebuerg nach laang net alles am Richten ass.

Ech kann lech och soen, dass ech ganz am Ufank, wou ech als Aarbechtsminister ugetruede sinn, eng Entrevue hat mam President vun där Mënscherechtskommissioun a mech deemools engagéiert hat, dass mer dës Protokoll hei esou séier wéi méiglech géife ratifizéieren.

Dir hutt och matkritt, dass d'Juristin vun der Mënscherechtskommissioun kierzlech eréischt nach eng Kéier gesot huet, dass se unerkennt, dass grouss Efforte gemaach ginn, souwuel an der Justiz wéi och bei der ITM wéi och bei der Police, fir dës Problematik, déi och hei zu Lëtzebuerg un Dramatik gewënnt, kënnen entgéintzetrieden.

Ech wëll och soen, dass dee Comité interministériel, ënnert der Verantwortung vun der Justiz, schonn eng Rei gutt Iddien ausgeschafft huet. Et geet natierlech drëms, elo déi gutt Iddien herno an Texter ëmzesetzen a se virun allem herno och um Terrain ëmsetzen. A wann ee seet „um Terrain ëmsetzen“, dann huet dat natierlech och eppes mat Méiglechkeeten ze dinn, fir dat ze maachen, dann huet dat natierlech och eppes mat der Zuel vu Leit ze dinn, déi mer kënnen um Terrain asetzen.

Ech hat lech an der Aarbechtskommissioun gesot, dass ech mech géif engagéieren, dass mer bis um Enn vun dëser Legislatur d'Ziel vun den Inspektoren, déi kënne Kontrollen am Numm vun der ITM maachen, géife verdräifachen. An den Direkter vun der ITM huet mer nach d'lescht Woch verséiert, dass wa keng Leit ofsprangen, dass mer dann am Joer 2023 65 Aarbechtsinspektoren hunn, déi voll ausgebild sinn, déi assermentéiert sinn an déi dann och kënnen hir Aarbecht um Terrain maachen. Ech sinn immens frou doriwwer, dass mer also an deem gemeinsamen Uleies, well ech hu keen héieren, aus kenger Fraktioun, deen déi doten Approche net géif ënnerstëtzen, dass mer also an deem gemeinsamen Uleies och konkret weiderkommen.

Well schlussendlech si mer ëmmer nëmmen esou gutt wéi déi Moyenen, déi mer eis selwer ginn hunn, fir all déi Problematiken hei ze bekämpfen. Villmools merci.





■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kersch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung vun deene véier verschiddene Projet-de-loien.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7517 et dis-pense du second vote constitutionnel**

Mir fänken u mat der Ofstëmmung vum Projet de loi 7517. Den Text steet am Document parlementaire 7517<sup>4</sup>.

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

**Appel nominal (votes par procuration)**

Da si mer op 60. Dat heescht, dëse Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7518 et dis-pense du second vote constitutionnel**

Da komme mer zur Ofstëmmung vum Projet de loi 7518. Den Text steet am Document parlementaire 7518<sup>4</sup>.

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

**Appel nominal (votes par procuration)**

Domadder ass och dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7519 et dis-pense du second vote constitutionnel**

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7519. Den Text steet am Document parlementaire 7519<sup>4</sup>.

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi, waart, pardon, en ass nach net op. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

**Appel nominal (votes par procuration)**

An domadder ass och dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7521 et dis-pense du second vote constitutionnel**

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung vum Projet de loi 7521. Den Text steet am Document parlementaire 7521<sup>5</sup>.

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

**Appel nominal (votes par procuration)**

An domadder ass och dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;*

*Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.



**5. Interpellation de M. Marc Baum au sujet des politiques d'investissement du FDC et du FSIL**

Den nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut ass eng Interpellatioun iwwert d'Investitiounspolitik vum Pensiouns- an Zukunftsfong. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An ech géif direkt dem Auteur vun dëser Interpellatioun, dem honorablen Här Marc Baum, d'Wuert ginn. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**Exposé**

■ **M. Marc Baum (déi Lénk), interpellateur.**- Merci, Här President.

„Eigentum verpflichtet“, esou steet et an der däitscher Verfassung. An och wa bei eis, an eiser Constitutioun, esou e Passus nach ëmmer net dra-steet, ass dat fir eis als Lénk awer e fundamentalen, elementare Prinzip, e Prinzip fir individuell Verantwortung a kollektiv Verantwortung am Bezuch op Eegentum a Räichtum.

Wie grouss Räichtum accumuléiert, deen huet och eng grouss Verantwortung par rapport zu deem, wat mat deem Räichtum geschitt. En huet eng Verantwortung, sécherzestellen, datt dee Räichtum net anere Leit oder der ganzer Mënschheet schuet respektiv net zur Zerstéierung vum Planéit bäidréit.

Dëse fundamentale Prinzip gëtt eiser Meenung no bei den öffentlichen Investitiounsfongen zu Lëtzebuerg net honnertprozenteg respektéiert. Mat deene grousser monetär Reserven, an alleréischter Linn natierlech vum Pensiounsfong, dem FDC, dem Fonds de compensation, mee och vum sougenannten Zukunftsfong, dem FSIL, gi riseg Investitiounen getäteg, an dat zum Deel an Aktivitéiten, déi d'Ëmwelt zerstéieren, déi zu Mënscherechtsverletzungen an zu sozialer Ausbeutung féieren.

An déi monetär Reserven, déi do investéiert ginn, déi sinn enorm. Aleng de Pensiounsfong geréiert aktuell ronn 20 Milliarden Euro. Dat geet duer, fir d'Pensiounen iwwer véier Joer laang ze bezuelen, wa guer keng Cotisatiounen méi géifen erakommen. Zum Verglach, fir en Ordre de grandeur hierzestellen: De Staatsbudget fir d'nächst Joer gesäit Investitiounen vun 2,8 Milliarde vir - 2,8 Milliarden! Deem géintiwwer sti Rentereserve vu ronn 20 Milliarden an dann nach eng Kéier ronn 380 Milliounen Euro, wat de Fonds souverain ugeet.

Zwee Fongen, déi bewosst ugeluecht goufen, fir den zukünftege Generatiounen e liewenswäert Ëmfeld ze hannerloossen, riskéieren an eisen Aen, genee de Contraire vun deem uviséierten Zil ze erreechen. Wa mer un déi zukünftege Generatiounen denken, musse mer endlech ufänken, iwwert déi reng monetär Fro eraus ze denken. Mir dierfen eis net nëmme froen, wéi vill Suen datt mer hannerloossen, mee virun allem och, wat mat deene Suen entre-temps geschitt ass, déi mer hannerlooss hunn, an a wéi enger Welt eis Kanner a Kandskanner da wäerten opwuessen. A mir mussen eis endlech bewosst ginn, datt mer eng Coresponsabilitéit hu fir alles, wat déi Entreprises, an déi mer investéieren, um Terrain dann och maachen.

Eng Approche, déi eenzeg an aleng no de Rendite kuckt op d'Käschte vun all deenen anere Consideratiounen, ass net zukunftsdauglech an och net zukunftsweisend. Et ass eng Approche, déi doriwwer eraus net derzou féiert, datt finanziell Risiken an der Zukunft diversifizéiert oder minimiséiert ginn. Et ass eng Approche aus Zäiten, vun deene mer geduecht haten, datt mer se iwwerwonnen hätten.

Här President, wéi 2004 d'Gesetz gestëmmt gouf, mat deem den aktuelle Pensiounsfong geschaf gouf, hunn déi Lénk dergéint gestëmmt. Eisem Deputéierte Serge Urbany seng Argumentatioun vun deemools ass fir eis och haut nach richtig. Mat de Pensiounscotisatiounen vun de Salariaéen, also dem sozialiséierten Deel vum Loun, op den internationale Finanzmarchéen ze spekuléieren, bréngt eng ganz Rei vu Geforen an negative Konsequenzen mat sech, well et bedeit a leschter Konsequenz, datt de Wäert vun Aktien an Obligatiounen klëmmt, woumat d'Ausbeutunge vu Mënsch an Natur méi séier viruginn - an dëst onofhängeg vun der grousser Volatilitéit an deem grousser Risiko vun esou Investissementer, wat ëmmer erëm an och schonn an der Vergaangenheet zu Finanzblose gefouert huet. Mee et ass elo esou.

De Fonds de compensation huet aktuell ronn 20 Milliarde Reserven op de Finanzmäert placéiert an duerfir musse mer iwwert d'Aart a Weis diskutéieren, wéi dat geschitt.

Déi Thematik vun der Investitiounspolitik vum Pensiounsfong ass net nei a si huet ëmmer nees fir Polemik a fir sou munch hëtzeg Debatt gesuergt, ugefaang 2010, also viru gutt zéng Joer, wéi eisen Deputéierte vun deemools, den Änder Hoffmann, zesumme mat den deemolegen oppositionelle Gréngen un d'Effentlecheit bruecht huet, datt de Fonds de compensation a Produzente vu Streebommen investéiert, an dat, obwuel Lëtzebuerg eng international Konventioun géint Streebommen ënnerschrifwen hat.

An och duerno ass, virun allem aus der Zivilgesellschaft, ëmmer nees massiv Kritik komm. Organisatiounen aus dem Ëmweltberäich, aus dem Beräich vun de Mënscherechter, der Entwécklungszesummenaarbecht oder der alternativer Finanz hunn ëmmer nees Aktiounen a Campagnë gefouert, wou se op problematesch Investitiounen higewisen hunn.

An ech mengen, datt een all deene Leit muss Merci soe fir hiert Engagement an datt se bis haut net op-halen, de Fanger an d'Wonn ze leeën, well dës Leit hunn an eisen Ae Recht.

An et gëtt ëmmer méi där Organisatiounen, déi erkannt hunn, datt mer mat där doter Investitiounspolitik deen Aascht ofseeën, op deem mer sëtzen. Entretemps hunn och d'Salariatsvertrieeder, ëm deenen hir Suen et hei finalement geet, sech kloer positionéiert. Virun zimmlech genee engem Joer huet déi gréisste Gewerkschaft hei am Land op hirem Kongress eng Resolutioun gestëmmt, déi den Desinvest vum Rentefong aus de fossilen Energië fuerdert.

Schonns 2016, kuerz ier ech selwer an d'Chamber komm sinn, ass an der Kommissioun vun der Sécurité sociale e parlamentaresche Rapport iwwert de Pensiounsfong an Aussicht gestallt ginn, grad esou wéi méiglech gesetzlech Ännerungen. Geschitt ass bis elo op deem Niveau näischt, wat den Ulass vun dëser Interpellatioun ass. Et ass a mengen Aen héich Zäit, datt d'Chamber sech dësem Sujet seriö unhëlt.

Här President, ech wäert am Folgenden déi problematesch Investitiounen vum Pensiounsfong an dräi Kategorien andeelen: éischstens Investitiounen a Firmen, déi sech engem gravéierende Feelverhale schëlleg gemaach hunn, zweetens Investitiounen, déi de Klimawandel unheizen, an drëttens Investitiounen, déi mat der genereller Ausriichtung vun der Lëtzebuerger Politik inkompatibel sinn.

Fir d'éischt wëll ech awer nach soen, datt ech net hei stinn, fir dem Verwaltungsrot vum Pensiounsfong iergendwellech Virwërf ze maachen, well de Verwaltungsrot ka jo och just an deem Kader schaffen, deen en ageraumt kritt. Dat, wat ech hei uschwätze wëll, dat sinn déi strukturell Problemer, déi an alleréischter Linn politescher Natur sinn.

Et gëtt, an dat ass eng Tatsaach, eng ganz Rei ganz grouss Multinationallen, déi bewosst a systematesch fir gravéierend Verstéiss géint international Konventiounen responsabel sinn, sief dat am Beräich vun de Mënscherechter, am Beräich vum Aarbechtsrecht oder am Beräich vun der Ëmweltpolitik, Entreprises, déi zum Beispill gewaltsam géint lokal Populatiounen virginn, déi Kanneraarbecht oder Ausbeutung dulden oder déi bewosst Ëmweltkatastrophe provozéieren, an dat natierlech an éischter Linn an den Entwécklungslänner, do, wou d'Anhale vu Standarden aus ganz ville Grënn net kann assuriéiert ginn a wou déi Multinationale kënnen an Impunitéit handelen.

Ech wëll hei just e puer Beispiller nennen: De Fonds de compensation investéiert a Shell, déi am Niger-Delta eng gewaltge Ëmwelt- a Sozialkris provozéiert hunn, oder a ChevronTexaco, déi am Ecuador eng Situatioun hannerlooss hunn, déi als „Tschernobyl vum Amazonas“ gëllt. An Dir kënnt alleguer eise Chamberspresident, den Här Etgen, froen, well dee war op der Plaz, fir sech deen Desaster mat eegenen Aen unzekucken.

De Fonds de compensation investéiert a Biergbau-firme wéi Newmont, déi am Peru mat schaarfer Munition géint Demonstrante virgaange sinn, oder an de riseg Biergbaukonzern Glencore, dee massiv Ëmweltschied ze verantworten huet, dee lokal Populatiounen vun hirem Land verjot a gewerkschaftlech Rechter mat Féiss trëppelt, net ze schwätze vu Rio Tinto, iwwert deem seng kontrovers Aktivitéiten een eng ganz Ried an ee ganzen Documentaire fëlle kéint. En investéiert och zum Beispill a Wilmar, déi illegal de Reebësch ofholzen, fir Palmuelegplantagen ze bedriewen, oder och an de Waffeproduzent Rheinmetall, deen 2019 déi däitsch Regierung wollt verkloen, well déi en Exportstopp an d'Biergerkrichsland Jemen decidéiert hat.

Déi Lëscht kann ee weiderféieren, leider belibeg. Jiddweree kennt esou Beispiller. D'Organisatiounen vun der Zivilgesellschaft stelle se jo och reegel-méisseg un de Pranger.

An deem Beräich vum individuelle Feelverhale vun Entreprises huet de Fonds de compensation sech entre-temps eng Linn ginn. No der Polemik vun 2010 mat de Streebommen huet de Rentefong eng Exklusivonslëscht agefouert, déi esou Firme soll aus dem Fong eraushalen. Op dëser Exklusivonslëscht, déi vun enger privater Societéit erstallt gëtt, stinn aktuell 119 Firmen, an déi also net däerf investéiert ginn.

Mir sinn natierlech frou, datt et iwwerhaupt esou eng Lëscht gëtt, a mir sinn eis duerchaus bewosst, wéi komplizéiert et ass, esou eng Lëscht op-zestellen an ze féieren, mee eis schéngt et awer suspekt, datt do nëmmen 119 Firmen dropsti vun deene villen Dausenden Entreprises, déi et dach weltwäit gëtt an déi op den Aktienmarché gehandelt ginn.